



Jeudi, 10 janvier 2019

Pot du Nouvel An – Centre culturel de Bonnevoie

Allocution de Carole Thoma, porte-parole déi Lénk :

Komerodinnen a Komeroden,

Léif Kollegeginnen a Kollegegen aus dem Ausland,

Léif Vertrieder vun der Press,

Als alleréischt wëll ech Iech natierlech och alles Guddes am Neie Joer wënschen. 2019 ass e besonnegt Joer, an deem vill ronn Gebuertsdeeg wäerte gefeiert ginn: 100 Joer sinn et hier, dass d'Republik hei zu Lëtzebuerg ausgeruff gouf – och wann dat leider net vun Dauer woar. Mäer sinn och 100 Joer no der Aféierung vum Fraen- an Oarbechterwalrecht zu Lëtzebuerg an – an dat wäert méi spéit am Joer nach eng Kéier sou richtig gefeiert ginn - déi Lénk feiert 20 Joer Gebuertsdag.

Eier mer op 2019 kucken, wëll ech awer nach eng Kéier e Bléck zeréck op dat läscht Joer geheien. Dat ass net ëmmer flott, well et woar alt erem e Joer, wou mer op internationalem Terrain, leider, virun allem engem ëmmer méi stoarken Rietsruck a villen Deeler op der Welt hu missen nokucken.

An Italien sinn Rietspopulisten an der Regierung a Brasilien huet neierdings e Rietsextremen, wann net souguer faschistesche

President. Domat stellen déi Länner sech an eng Reih mat den USA, Ungarn, de Philippinnen a villen anere méi.

De Fait, dass ëmmer méi Rietsextremer an deenen a villen anere Länner un d'Muecht kommen, sollt eis all Suerge maachen. Well dat schued net nëmmen de Minoritéiten an deene Länner. Déi riets Regierung an Eisträich attackéiert dee soziale Fortschrëtt, dee Gewerkschaften viru Joerzingten iwverall erstridden hunn, a féiert den 12-Stonnen-Dag an d'60-Stonnewoch nees an.

An der Tëschenzäit huet de Bolsonaro vir, de Reebësch opzemaachen fir vun der Industrie ongehemmt ofgeholzt ze ginn. Domat zerstéiert en net just de Liewensraum vu villen indigene Vollécker, mä och dee gréissten CO2-Späicher op der Welt. Wa Rietser un d' Muecht kommen, ass dat net nëmmen eng gesellschaftlech Kris, et ass virun allem eng sozial an eng ekologesch Katastrof.

Ma wou grouss Ongerechtegkeete geschéien, do entstinn och grouss a wichteg Beweejungsdynamiken. Déi positiv Säit vun der Medaille ass, dass ëmmer méi Mënschen sech deser, hierer Responsabilitéit bewusst ginn, opstinn, a fir e Wiessel kämpfen.

Dat kann am klénge Kader geschéien, wann zum Beispill ee kléngt Känguru beweist, dass Homophobie definitiv keng Plaz méi zu Lëtzebuerg huet.

Oder am méi groussen:

Ennert dem Motto „Solidarität statt Ausgrenzung“ goufen et direkt e puer Groussdemonstratiounen an däitsche Stiet mat zum Deel iwver 250 000 Leit, déi géint Riets op d'Strooss gaange sinn. An den USA, während d'Unhänger vum Trump ëmmer méi kéng ginn, fir Leit rassistesche ze attackéieren, gouf et bei de Midterm-Walen e regelrechten Hype vu jonke, progressive lénke Fraen, vun deenen der vill d'Wale konnte fir sech entscheeden.

An a Frankräich ass no jorelaanger Austeritéit an onsozialer Politik d'Faass iwwegelaf, sou dass Leit vun all Alter a mat verschiddene sozialen Hannergrënn op d'Strooss gaange sinn an nach ëmmer all Weekend demonstréieren géint eng Politik, duerch déi déi Räich ëmmer méi räich an déi Oarm ëmmer méi oarm ginn. A wann der iech Videoen ukuckt vun Ausernanersetzungen mat der Police, gesitt der, dass déi net zimperlech emgeet. An awer stelle sech hinnen Fraen a Männer, Jonker an Aler an de Wee, well se d'Politik vum Président des Riches net méi wëllen an net méi kënnen iwwer sech ergoe loossen.

A wann déi Beweejung, wéi och anerer, och net zu 100% lénken Idealer entsprécht, esou ass et awer wichteg, se ze ënnerstëtzen. Et si Beweejungen, déi vun ënne kommen a sech oft géint Ennerdréckung, Korruptioun a sozial Ongläichheeten wieren. Et ass un eis, riets Tendenzen ze demaskéieren an e lénkt Kräfteverhältnis ënnerhalb vun deene Beweejungen opzebauen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

2018 woar zu Lëtzebuerg selbstverständlech virun allem geprägt vun de Chamberwalen. A wat ech méi driwwer nodenken, wat mer méi bewusst gëtt, dass et d'Waljoer vun de Widderspréch woar:

Zum Beispill erliewe mer op der ganzer Welt zur Zäit e Rietsruck. Emmer méi Leit identifzéieren sech mat rietsen Iddien an Nationalismus. Just hei am Land vergiessen déi sougenannte Patrioten esou kuerzfristeg, wéi de Lëtzebuerger Fändel iwwerhaapt ausgesäit.

Oder och e bësse méi sérieux: Déi sozial Ongläichheeten woaren nach nie esou ausgeprägt, wéi am Moment. Den Oarmutsrisiko op engem Rekordhéich. An awer hunn d'Wieler sech majoritairement géint eng Verännerung a fir de Weider-sou decidéiert.

Eigentlech ass et kee Wonner, dass zu de Walgewënner d'Piraten gehéieren, si si schließelech d'Partei vun de Géigesätz par excellence: Si si géint Plastik – a schreiwen dat op Wahlplakater: aus Plastik. Sie si géint riets – a grënnen dowéint nach éier d'Chamber komplett vereedegt ass eng Fraktioun mam ADR. Sie si fir Transparenz – a loossen doduerch zou, dass en ehemolegen Duebelagent an d'Iwwerwaachungskommissioun vum SREL kënnt. Mä, et woar guer net esou domm, wat sie gemat hunn. Duerch hier Zesummenarbecht mat der ADR hunn se elo esou vill Suen zur Verfügung, dass se op esou Klenggekeeten wéi paritéitesch Kandidatelëschte verzichte kënnen an d'nächst Joer endlech nees 2/3 Männer kënnen an d'Europawale schécken.

Mäer kommen awer net derlaanscht, och iwwer eisen eegene Walkampf ze schwätzen. Kommt mer sinn éierlech: mäer haten eis e bessert Resultat erhofft, wéi dat, wat agetrueden ass. Mä mäer sollten eis doduerch awer och net démotivéiere loossen.

Mäer hunn net de Kapp an de Sand gestach, mä direkt no de Wahlen e Prozess an d'Weer geluet fir selbstkritesch d'Wahlresultat ze analyséieren.

A mer sollten eis och net ze kléng maachen: Mäer hu gewonnen – an dat als eenzeg lénk Partei am Land. Mäer hunn an all Bezierk daat bescht Resultat zanter eiser Grënnung virun 20 Joer erzielt. An ausserdeem, an dat freet mech perséinlech besonnesch, wäerte mer an 2 Joer dank dem Rotatiounsprinzip zu 100% vu Fraen an der Chamber vertrauede sinn.

Ech wëll op deser Plaz dem Nathalie an dem Myriam – a selbstverständlech och dem Marc an dem David fir hier gutt Resultater gratuléieren. Ech wëll awer och eis all gratuléieren. De Fait, dass déi Lénk säit eiser Grënnung op Paritéit setzt, dass jonk

Fraen aktiv opgebaut an no vir bruet ginn, huet sech bei de läschte Wahlen - 2017 an 2018 - endlech ausbezuelt.

Leider woar d'Walresultat am Allgemengen aus feministescher Vue alles aanescht wéi berauschend. Mat 12 Fraen, déi direkt an d'Chamber gewielt goufen, woare mer op engem Niveau mat Saudi-Arabien. Bei der Regierungsbildung gouf leider och verpasst, op Paritéit opzepassen. Woubäi se do wahrscheinlech all aner Suergen haten. Bei der LSAP hu sech Ministeren ëffentlech drem gestriden, hierer Responsabilitéit vis-à-vis vum Wieler net mussen nozekommen an amplaz op Bréissel dierfen ze goen.

An déi Gréng schéng sech no hierem Walerfolleg gefrot ze hunn, wéi se nach kënne weider géint hier fréier Idealer goen. An der Tëschenzäit huet déi Partei, déi sech op Froe vun Emweltschutz an Fridden gegrënnt huet, e Betons-, Police- an Arméisminister an enger Persoun. De Fait, dass an de meeschten Demokratien d'Ministère vun der Verdedegung an der bannenzescher Sécherheet getrennt sinn, schéngt hei am Land net sou echt geholl ze ginn.

De betraffene Minister huet awer och nach aner Aufgaben. Als fréiere Gewerkschafter ass e schließlech och nach domat beschäftigt, ze verhënneren, dass déi Ugestallten bei Luxtram déi selwescht Oarbechtskonditiounen kréien, wéi wann se am ëffentleche Service ginge schaffen. Net nëmmen hu se manner Salaire, nee, d'Chauffeure mussen och nach onméiglech Stonne schaffen. Schlussendlech gouf dann elo och nach een Ugestallten, deen ugefangen huet, sech gewerkschaftlech ze engagéieren, erausgehät.

Dat ënnerscheid eis vun deenen anere Parteien: Eis Existenzberechtigung sinn net Walen. Déi si just Mëttel zum Zweck fir kënnen d'Stëmm vun der Zivilgesellschaft an d'Institutionen ze droen. Mäer sinn déi, déi eis solidariséieren mat de schaffende Leit an hieer Kämpf. Mäer woaren op Solidaritéitspiquet'en fir Luxtram-

Beschäftegter an et woar den David, deen de François Bausch 2 mol an der Chamber viru seng Responsabilitéit an deem Dossier gestallt huet.

Mäer woaren während deem gréisste Streik säit Joeren un der Säit vum Pflegepersonal zu Beetebuerg, genau sou wéi op der grousser Manif vun de Bauoarbechter, wou de Marc als eenzeg Députéierten sie ënnerstëtzt huet. Wa Rietser an der ganzer Welt d'Rechter vun de schaffende Leit verstümmelen a wann d'politesch Mëtt se gewäerde léisst, dann ass et eng sozial Nécessitéit, dass lénk Kräfte hei an iwwerall gestärkt ginn, fir sech deem entgéint ze stellen.

Den Drock, dee mer a leschter Zäit ausgeübt hunn, deen ass jo och net spuerlos un deenen anere laanscht gezunn. Wann ee sech den aktuelle Regierungsaccord ukuckt, huet d'Koalitioun vir, vill Saachen emzesetzen, déi mäer scho säit eiser Grënnung fuerderen: Legaliséierung vu Cannabis an d'Gratuitéit vum ëffentlechen Transport sinn 2 Beispiller dovir. Och d'Gratuitéit vun der Kannerbetreung – wann och nëmmen deelweis - an eng Reduktioun vun der TVA op Hygiènesproduiten: alles dat hu mer scho laang gefuerdert an elo gëllt et natierlech op d'Emsetzung vun deene Mesuren opzepassen.

Bei anere wesentleche Sujet'en ass de Koalitiounsaccord awer emsou méi enttäuschend. Ech hu virdrun gesot, 2018 wier d'Joer vun de Widderspréch gewierscht.

Wéi kann et sinn, dass am räichste Land vun der Welt 14% - e Rekordwäert! - Working Poor schaffen a sech déi versprache strukturell Erhéijung vum Mindestloun dann awer als Mogelpackung erausstellt? En Deel woar schon am Virus décidéiert ginn, en aneren gëtt quasi nëmmen aus Steiergelder finanzéiert an iwwerhaupt ass d'Erhéijung lächerlech geréng par rapport zu der Oarmutsgrenz.

Wéi ass et méiglech, dass méintelaang iwwer eng Oarbeitszäitreduzéierung geschwat gëtt, an d'Resultat um Enn ee Congés- an ee Feiertag sinn? Net emol déi 6. Congéswoch woar dran, obwuel déi nu wierklech keng minoritär Iddi woar. Schließlech hunn iwwer 10 000 Leit virun 2 Joer eng Pétitioun dovir ënnerschriwwen, d'LSAP huet se versprach an déi Gréng haten se als Proposition de Loi agereecht – zu engem Zäitpunkt virun 20 Joer, wou se nach un dat gegleewt hunn wat se gesot hunn.

Wéi kënnt een op d'Iddi, an enger Gesellschaft, an där a Steierfroen all Gläichgewiicht duercherneen ass: tëscht Mëttelstand an Héichverdinger, tëschte Oarbecht a Kapital, tëscht Ménagen a Betriiber, wéi kënnt een do op d'Iddi, ënner deene Konditiounen nach de Steiersaatz fir grouss Betriiber erfzesetzen?

Dat si keng rhetoresch Froen, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn eng Ätwert drop.

$\frac{3}{4}$ vun de Salariés am Privatsecteur hu kee Walrecht. Do fällt et da ville Parteie ganz einfach, hier Rechter net ze stäerken an amplaz Kaddoen un déi ze maachen, déi se zwar net brauchen, ma déi awer méi hoart jäizen: d'Patronat, an zwar virun allem vun deene grouse Betriiber a Multinationalen. E groussen Deel vun de schaffende Leit ass net anstänneg vun der Politik vertraueden an dowéint musse mäer eis och weiderhin asetzen fir eng Ausweidung vum Wahlrecht.

Ma bis dohin ass et gutt, dass et aner Méiglechkeete gëtt, wou d'Salariés hier Verrieder wile kënnen. Am Mäerz dëst Joer si Sozialwalen. Vill vun eise Memberen wäerte sech do presentéieren, entwéider fir d'Chambre des Salariés, oder fir d'Delegatioun an hierem Betriib. Béides ass wichteg fir d'Rechter an d'Interessien vun deene schaffende Leit ze stäerken. Mer gesinn aktuell, dass gewerkschaftlecht Engagement och nach ëmmer mat Risike verbonnen ass. Ma grad dofir ass et wichteg, sech ze engagéieren,

sech fir déi eegen an de Kolleegen hier Rechter anzesetzen a fir eng stoark Verriedung vun de Salariés ze suergen. Dowéint wëll ech hei jidderengem, deem sech den 12. Mäerz presentéiert, bonne Chance wënschen. An enger Zäit, an där de soziale Fortschrëtt gebremst gëtt, an där en op villen anere Plazen ofgebaut gëtt, ass et onvermeidlech, dass nees progressiv Kräfteverhältnisser opgebaut ginn an dass d'Salariés an d'Rentner sech mobiliséieren. Och dat heecht „Engagéiert fir Verännerung“!

Kolleeginnen a Kolleegen,

2019 wäert no Gemengen-, Chamber- an Europawalen e reegelrechte Wahlmarathon op en Enn goen. Mäer hunn an deene leschten 2 Joer vill geschafft. Et woar net ëmmer einfach, als awer relativ kléng Partei vun engem Walkampf an deen nächste ze kommen. Mä vill, ganz vill, Memberen a Sympathisanten woare motivéiert an hu sech do abruecht, wou sie sech am wuelste gefillt hunn: vu politeschen Diskussiounen bis zum Elaboréiere vun Texter an Deelhuelen u Maniffen. E grouse Merci dofir u jiddereen, deen eis seng Fräizäit zur Verfügung gestallt huet, awer och e ganz grouse Merci un eise Staff – klein aber oho – deen zäitweis onméiglech geleeht huet.

Mä wéi gesot: et ass nach net ganz gepackt.

A 4 Méint sinn Europawalen an dee Wahlkampf riskéiert ze polariséieren: Entwéider d'europäesch Unioun ass dat bescht, wat je geschéie konnt. Oder se ass de Grond vun allem Misère an d'Léisung ass de Wee zeréck zu den Nationalstaaten a soss näicht.

Et wäert un eis sinn, déi schwoarz-wäiss Diskussiounen opzebriechen.

Jo, et stëmmt: D'europäesch Unioun ass näicht, wat Lénker iergendwéi kinnt begeeschten. Se gouf gegrënnt an éischer Linn net als sozial Unioun fir d'Leit, déi hei liewen, mä als Handelsunioun, fir et groussen Entreprises méi einfach ze maachen, Suen ze

verdingen. Se huet ëmmer méi eng neoliberal Logik ugedriwwen an huet hieren eegene Memberstaaten eng Austeritéitspolitik opgedrängt. An jo, d'europäesch Unioun ass e bürokratescht Monster, weder demokratesch, nach transparent, dat et lénken a soziale Kräfte ganz schwéier mécht, déi Verkrustungen opzebriechen an eng Politik fir d'Leit ze maachen.

Am Fong ass et keng richtig Unioun, well d'Memberlänner ginn op all Niveau a Konkurrenz zuenee gesat, amplaz zesummen ze schaffen.

D'Konsequenze gesi mer ëmmer erem. D'europäesch Unioun steet op der Säit vun deene Rächen a vun de Multinationalen. Dowéint feelt et a ville Beräicher u soziale Standarden, déi d'Leit virun der Ausbeutung schützen. A wann et hoart op hoert kënnt, wéi no der Finanzkris, da gi léiwer d'Länner mat hieren Awunner ausbludde gelooss, amplaz déi zur Keess ze bieden, déi opgrond vun hierer Gier Schold um Misère sinn.

Dowéint musse mer mat der aktueller Politik brieden, Kolleeginnen a Kolleegen, an zwar sou gutt op nationalem, wéi och op europäeschem Niveau. Well d'Problemer, déi sech eis stellen, sinn op béiden Niveauen déi selwescht.

Wann ech soen, zu Lëtzebuerg wieren déi sozial Ongläichheeten op engem Rekordhéich, dann ass dat net vill aanescht an Europa. Mäer musse brieden mat der Politik, déi de grouse Multinationalen de rouden Teppich ausrullt, ouni Konditiounen ze stellen, wat d'Oarbechtsbedingungen an d'Salaren fir déi Beschäftegt ugeet. Mäer brauchen eng eenheetlech Grondlag fir e Mindestloun, deen et alle Leit an Europa erlaabt, anstänneg vun hierer Oarbecht ze liewen. Mäer musse fort vun der Logik, ëmmer méi Servicer ze privatiséieren an an déi entgéegengesate Richtung goen. Et brauch stoark ëffentlech Servicer mat Investissementer fir dass jiddereen eppes dovun huet.

Mäer mussen ophalen, de Steierdumping ënnerhalb vun der EU ze erlaben an der Spiral no ënnen Grenzen setzen. Dofir brauch et méi streng Reegelen op europäeschem Plang, mä mäer wëssen och all, dass virun allem Lëtzebuerg do an der Verantwortung ass fir mat guddem Beispill virzegoen.

Dat selwescht gëllt beim Klimaschutz. D'Ziler, deenen sech d'europäesch Unioun verpflichtet huet, wäerten net duergoen fir d'Äerderwärmung op 1.5° ze limitéieren. Vill, virun allem déi westlesch, europäesch Länner hunn eng grouss historiesch a finanziell Responsabilitéit ze assuméieren. Mäer musse mat guddem Beispill virgoen an anere Länner mat manner Méiglechkeeten, déi néideg Loft loossen fir sech ëmzestellen. An och hei steet Lëtzebuerg nees un der Spëtzt.

Wat eis Klimabilanz ugeet, si mer um Podium vun den Negativ-Weltmeeschter. Mer hunn ee vun den héchsten ékologeschen Foussofdréck op der Welt, 4.5 Mol sou héich wéi de weltwäiten Duerchschnëtt! An dat erkläert och, firwat den Earth Overshoot Day, also deen Dag, op deem all déi natierlech Ressourcen opgebraucht sinn, déi mer am Fong pro Joer ze gutt hätten, deen weltwäit den 1. August ass, fir Lëtzebuerg schon den 19. Februar ass. Den 19. Februar! Dat si mol eng 6 Woche méi an d'Joer huet eréicht knapp ugefaangen. Dat heecht, mer verbrauchen iwwer 7 mol méi Ressourcen, wéi mer zegutt hunn. Just de Qatar huet eis d'lescht Joer do nach iwwertraff.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Europa a Lëtzebuerg mussen hier Responsabilitéit assuméieren. Et seet keen, dass dat wäert einfach ginn. Well et geet net duer, Schalimmoen ze verbidden a mat Elektroautoen ronderem ze fueren. Nee, mäer brauchen eng richteg sozial en ekologesch Transitioun. Mäer mussen eisen aktuellen Wirtschafts- a Gesellschaftsmodell

radikal a Fro stellen fir eise Resourceverbrauch nohalteg an eis Landwirtschaft biologesch ze gestalten. Wa mer eisen CO2-Ausstouss wäit genuch wëlle reduzéieren, da musse mer eraus aus der herrschender neoliberaler Logik. Endlech Ressourcen erméiglechen keen onendleche Wuesstem! Dofir brauche mer en alternative Modell. Et ass unabdinglech – an dat soen net just mäer, dat seet de Weltklimarot – dass mer de Räichtum gerecht vun uewen no ënnen emverdeelen, wa mer de Klimawandel wëlle bremsen. Et gëtt kee Klimaschutz ouni sozial Komponent a keng ékologesch Transition ouni sozial Gerechtegkeet. Sozial Ongläichheeten verstärken de Klimawandel!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wann ech soen, mäer missten mat der aktueller Politik brieche, da mengen ech dat awer och op engem Niveau, vun deem hei zu Lëtzebuerg an der Lescht vill ze wéineg geschwat gëtt: an zwar déi enorm Militärausgaben, déi reegelrecht explodéiert sinn, an deser Regierung no nach weider klamme sollen.

Zum enge si mer Member vun der NATO, enger Organisatioun, där hier Existenzberechtigung mer net midd ginn, a Fro ze stellen. Besonnesch well d’NATO daat Bündnis ass, waat bei wäitem iwuer déi meeschten an destruktivsten Waffen verfügt an elo och nach de Motor ass vun enger neier weltwäiter Oprüstungsspiral, wéi mer se zanter dem Enn vum kale Krich nët méi gesinn hunn.

Lëtzeberg huet sech verpflichtet, fir ëmmer méi Suen an de Militärbudget ze stiechen. Daat geet esou wäit, dass an e puer Joeren de Militärbudget méi héich wäert sinn, wéi deen vun der d’Entwécklungshëllef. Daat hunn mer dem LSAP-Minister Schneider ze verdanken an dem ehemolgen Friddensaktivist Bausch, deen déi Politik riicht weiderféiert. An daat, Kolleginnen an Kollegen, daat ass en Hohn!

Ma niewt der NATO ginn lo ëmmer méi Stëmmen hoart, déi vun enger gemeinsamer europäescher Arméi schwätzen. Et geet hei awer net drem, wéi ee vläit kéint méngen, fir eng Alternativ zur NATO ze entwéckelen. Ganz am Géigendeel, déi nei europäesch Arméi soll d'NATO ergänzen, well et ëmmer nees Schwierigkeeten gëtt, well d'NATO jo eigentlech "jhust" e Verdeedebündnis sollt sinn – och wa mer wëssen, wéi liicht déi Aschränkung an der Vergaangenheet schon konnt emgaange ginn. Mä fir alle méigleche Schwierigkeeten direkt aus de Féiss ze goen, gëtt déi nei europäesch Arméi als réng Interventiounsarméi geplangt, déi ausserhalb vun Europa déi "europäesch Interessien" soll militäresch duerchsetzen.

Mäer wëllen net matmaachen bei der Oprüstungsspiral, bei der, wéi sou oft, haaptsächlech privat Interessien vu groussen Entreprises d'Iwwerhand hunn. Mäer musse brieche mat der Politik vu Provokatioun a Militariséierung.

Kolleginnen a Kolleegen,

Ech géif gäer nach eng kleng Anekdote erzielen. Ech woar d'läscht Joer am Summer an der Vakanz op Kreta. Et woar immens schéin. Mä, wéi och do an der Bucht stung an d'Vue genoss hunn, sinn ech op eemol de Gedanken net méi lassginn, dass dat schéint blot Mier, an deem d'Kanner spillen, dat selwescht Mier ass, an deem e puer Honnert Kilometer weider westlesch zur selweschter Zäit wahrscheinlech honnerte vu Mënschen erdrénken. Well nach ëmmer stierwe Mënschen beim verzweifelte Versuch, an e bessert Liewen ze flüchten.

Et ass dat deen gréissten Hohn a mer wäerten eis iergendwann als Europäer virun der Geschicht dovir verantworten mussen. Et kann net sinn, dass Europa zum engen et net fäerdeg bréngt, deene Leit e séchere Fluchtweg ze erméiglechen an zum aneren Liewe retten kriminaliséiert huet. Dass Leit aus der Zivilgesellschaft, Crowdfunding maache mussen fir al Fëscherschëffer ze kafen an ze reparéieren a

Leit am Mëttelmier virum erdrénken ze retten, well d'EU dat net mécht. An dass déi Leit dann wéint Mënschenhandel ugeklot ginn a bis zu 20 Joer Prison riskéieren. An et ass en Hohn, dass d'Seawatch Krëschttag a Silvester op stiermescher Séi huet misse verbréngen, well se de Culot haten, Liewen ze retten! Dat ass dat Europa an deem mer am Moment liewen!

Mä dat muss awer net esou bleiwen.

Et ass d'Aufgab vun de lénke Kräften an Europa, fir eng Alternativ ze kämpfen. Fir en Europa vun de Mënscherechter.

Fir en Europa, an deem et iwwehall sozial Standarde gött, déi all Mënsch en anstänneg Liewen erméiglechen. En Europa, an deem Oarbecht anstänneg bezuelt gött an déi schaffend Leit alleguer déi selwescht Rechter hunn.

Fir en Europa ze schafen, dat alles dru setzt, de Klimawandel ze bremsen a seng Responsabilitéit assuméiert.

E friddlecht Europa, dat just nach der Militariséierung de Krich useet.

Déi Lénk steet fir en Europa vun de Leit an net vun de Multinationalen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

dat wat ech hei erzielen, dat kléngt vläit am Moment utopesch, mä et ass eng Visioun, déi vu ganz ville Leit hei am Land an a ganz Europa gedeelt gött. Eis Visioun vun enger gerechter Emverdeelung vum Räichtum, vun enger Politik, déi den Umwelt- a Klimaschutz eecht hëllt a vun enger Gesellschaft, déi net op Ausbeutung vun anere Länner opgebaut ass, dat ass d'Visioun vu ganz ville Leit hei am Land an Europa.

Ech erënneren drun, dass bal 1.3 Milliounen Leit europawäit eng Petitioun géint Fräihandelsverträge wéi TTIP ënnerschriwwen hunn. An dass hei zu Lëtzebuerg Dausende Leit géint CETA op d'Strooss gaange sinn. An ech erënneren drun, dass hei am Land mäer déi eenzeg woaren, déi déi Stëmme an der Chamber vertrueden hunn. An de Match ass nach net eriwwer.

D'Europäesch Unioun kann nëmmen dann fundamental transforméiert ginn, wann hier Feeler identifizéiert sinn. Dat mécht eis net zu Europagéigner, dat mécht eis zu Verfechter fir en anert, e fortschrëttlecht Europa.

Et wäerten déi lénk Kräfte sinn, déi d'Iddi vun enger solidarescher europäescher Unioun verdeedegen. Mäer wäerten se verdeedegen vis-à-vis vun de groussen Multinationalen an deene Leit, déi um Réck vun den normale Leit ëmmer weider Profit wëlle maachen. A mer wäerte se verdeedegen vis-à-vis vun deene rietsen a reaktionäre Kräften, déi Europa ofschotten wëllen a gläichzäiteg vum Neoliberalismus profitéieren. Well oft ass et dat Konkurrenzdenken, an dat Gefill vun ofgehange sinn, déi Frustratioun, Jalousie an Haass ervirbréngen.

Wann en Här Macron behapt, Chômeurs giffe just net genuch no enger Oarbecht sichen, oder wann en Här Bettel de Geck mat de Leit mécht, déi ni eng Méiglechkeet haten, e Prêt ze maachen an dowéint haut den horrenden Loyer ausgeliwwert sinn. Déi arrogant Aart a Weis, de Leit Schold ze ginn un hierem Misère, dat ass et, wat vill Leit erkale léisst an deene rietsen Populisten d'Saach esou einfach mécht. An dowéint soen ech: et wäerten déi lénk Kräfte sinn, déi d'Iddi vun engem aneren Europa wäerte verdeedegen: Solidaritéit, soziale Fortschrëtt, Demokratie an Ofrüstung. Oder, wéi et Lénker scho virun 100 Joer gesot hunn: „Brout a Fridde.“

Carole Thoma, Porte-Parole déi Lénk